# Journée de la Commémoration nationale

## **Proklamatioun vun der Regierung**

De nationale Commémoratiounsdag erlabt de Lëtzebuerger all Joer op e neis deenen ze gedenken, déi sech géint de Naziterror gewiert hunn. Dëst Joer huet dësen Dag awer nach méi e spezielle Charakter. Viru 60 Joer hunn d'Lëtzebuerger sech mat engem Streik géint d'Aberuffung vun de Joergäng 1920 bis 1924 an d'Wehrmacht gewiert. Dësem Streik vum 31. August 1942 hu mir virun e puer Woche geduecht. Hien huet net nëmmen 21 Mënschen d'Liewe kascht, mee hien huet och fir vill couragéiert Fraen a Männer, Déportatioun, Prisong a KZ bedeit.

Den 31. August 1942 ass e wichtegen Datum vun der lëtzebuerger Geschicht. De Streik vun 1942 huet awer iwwert eis Grenzen eraus och der Welt op eng spektakulär Aart a Weis virun Aen gefouert, datt et ee lëtzebuerger Vollek an eng lëtzebuerger Natioun gëtt. De Wëlle vun de Lëtzebuerger fir onofhängeg ze sinn, fir hir Fräiheet a fir demokratesch Werter ze kämpfen, déi eis wichteg sinn, ass fest an dat nationalt an dat internationalt Gediechtnis agravéiert ginn. D'Märtyrer vum 31. August 1942 hu ganz sëcher dozou beigedroen, datt Lëtzebuerg séng Plaz ënnert de Natiounen och no 1945 behalen huet.

De järleche nationale Commémoratiounsdag, genau sou wéi déi méi punktuell Feieren bei wichtegen Deeg vun eiser Geschicht, erlaben eis fir Brécken tëschend de Generatiounen ze schloen. Sou Deeg sensibiliséieren déi Jonk fir d'Wichtegkeet vun der Erënnerung, a bestäerke si an der Verdedegung vun eisen demokrateschen Idealen.

Haut erënnere mer eis un déi Fraen a Männer, déi sech géint d'Nazibesatzung gewiert hunn, och wann domadder Leiden a den Doud verbonne waren. Si hunn dozou bäigedroen, datt mir a Fräiheet liewe kënnen. Hiert Verhalen huet d'Weiderbestoe vun deene moraleschen an humane Werter erméiglecht, déi mir als wichteg Grondlagen vun eisem Zesummeliewen ugesinn: d'Fräiheet, de géigeseitege Respekt an d'Toleranz. De nationale Commémoratiounsdag garantéiert, datt hiert Virbild an eis lieweg bleiwt, an eis an eisem Handele leet.

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2002

D'Mëmbere vun der Regierung

Jean-Claude JUNCKER, Lydie POLFER, Fernand BODEN, Marie-Josée JACOBS, Erna HENNICOT-SCHOEPGES, Michel WOLTER, Luc FRIEDEN, Anne BRASSEUR, Henri GRETHEN, Charles GOERENS, Carlo WAGNER, François BILTGEN, Joseph SCHAACK, Eugène BERGER